

# Piratepartei: 'Whistleblower si keng Verbriecher'

25.07.2013, 05:35 | Fir d'lescht aktualiséiert: 25.07.2013, 05:42

Aus Solidaritéit fir den Ed Snowden an de Bradley Manning ënnerstëtzt d' Piratepartei eng Manif e Samschdeg virun der US-Ambassade...



© afp

E Samschdeg de Moien ass virun der us-amerikanischer Ambassade um Lampertsbiërg e Protest-Piquet, deen op d' Situatioun vun de Whistleblower Edward Snowden an Bradley Manning soll opmierksam maachen. Organiséiert ass dat Ganzt vum Chaos Computer Club an Ënnerstëtzung gëtt et elo vun der Piratepartei, déi sech an engem Communiqué solidaresch weist.

All Demokratie misst sech dergéint wieren dass d' USA Leit poursuivéiert an aspärt, déi derfir gesuergt hunn dass d' Ëffentlechkeet iwver Krichsverbriechen a Massen-Iwverwaachung gewuer gouf, heescht et vun de Piraten.

Den Ed Snowden sëtzt jo nach ëmmer um Fluchhafen vu Moskau fest, de Bradley Manning sengersäits an engem Arméi-Prisong an den USA.



Edward Snowden...

© afp



Bradley Manning...  
© afp

De Communiqué vun der Piratepartei :

## Demokratie brauch Whistleblowerschutz! Edward Snowden Piquet 27. Juli virun amerikanescher Ambassade

D'Piratepartei ënnerstëtzt den Opruff vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg (C3L) fir en Protestpiquet den 27. Juli 2013 ab 11h00 virun der amerikanescher Ambassade. Dës Aktioun mécht op d'Situatioun vun de Whistleblower Edward Snowden a Bradley Manning opmierksam, déi Mënscherechtsverletzungen ëffentlech gemaach hunn an sech dofir der politescher Verfolgung ausgesat gesinn.

*"Whistleblowing ass kee Verbriechen! Den Edward Snowden an de Bradley Manning hu grouse Courage bewisen wéi se dofir gesuert hunn, dass d'Ëffentlechkeet iwwer Krichsverbriechen a Masseniwwerwaachung gewuer gëtt." sou den Sven Clement, Präsident vun der Piratepartei "Whistleblower dierfen net verfollegt an agespaart ginn - a wann e Land dëst mécht muss all Demokratie sech dogéint wieren!"*

De Piquet fënnt virun der Embassy of the United States Luxembourg, 22, Boulevard Emmanuel Servais Luxembourg ab 11:00 statt. Weider Informatiounen op <https://www.facebook.com/events/1390492751170803/>